Lëtzebuerg, de 29. Abrëll 2021

Här Minister,

Säit iwwert engem Joer schwätze mir iwwer soss näischt méi wéi Covid-19. Et gëtt awer eng ganz Rei aner Themen, déi dem Corps enseignant säit laangem um Häerz leien.

Dechargen

D'Aarbechtslaascht vum Enseignant huet an de leschte Joren ëmmer méi zougeholl: Régence, Tutorat, Cours d'appui, Elterenaarbecht an aner Aktivitéiten stellen e groussen Zousazopwand duer, deen an eisen An net genügend remuneréiert gëtt. Dëst gëllt och fir déi schnell wuessend Zuel vu Schüler/innen, déi een oder méi Aménagements raisonnables hunn, fir déi et iwwerhaapt keng Decharge gëtt, obwuel hier Ëmsetzung vill Aarbecht an Usproch huele kann. Mir fuerderen en detailléierten Iwwerbléck iwwer d'Dechargen am Secondaire vun de leschten zéng Joer an eng signifikant Erhéijung vun enger Rei Dechargen.

Aarbechtsmaterial

Mir fannen et nach ëmmer inakzeptabel, datt mir eist Aarbechtsmaterial musse selwer bezuelen. Dat gëllt ëmsou méi fir iPaden a Computeren, mee och, besonnesch an der Beruffsausbildung, fir d'Aarbechtskleedung.

En anere Problem, deen sech stellt, ass d'Iwwersetzung vu Fachbicher, déi als Support de cours benotzt ginn, z.B. aus dem Däitschen an d'Franséischt. Och do brauche mir eng Léisung.

Karriär

Den E7-Professer, deen den TC gemaach huet, soll 45 Punkte bäi kréien. Domat géif engersäits d'Valeur vun där postuniversitärer Aarbecht, duerch déi dem E7-Professer seng Karriär 18 Méint méi spéit ugefaangen huet an déi et an der néier A1-Karriär net méi gëtt, unerkannt ginn an anerersäits bestéing weiderhin en Ureiz fir d'Kandidaten den TC ze maachen.

Doriwwer eraus fuerdere mir eng weider Décharge pour ancienneté: 1 ab 45 Joer, 3 ab 50 a 5 ab 55. Dat fir d'Lettre ministérielle, déi viru Joren anstandslos gestrach ginn ass, z'ersetzen an déi, par rapport zu den anere Staatsbeamten, diskriminatoresch Formation continue, déi mir, en plus, an eiser Fräizäit musse maachen, ze kompenséieren.

Korrektur vun der Decisiounsgewalt am Conseil d'éducation

Am Gesetz vum 25.06.04 stoung am Artikel 36 "En cas de désaccord du directeur avec une décision prise par le conseil d'éducation, le directeur et les autres membres du conseil d'éducation disposent d'un mois pour régler le différend à l'intérieur de l'établissement. Si le différend subsiste au-delà de ce délai, le ministre décide." Am Gesetz vum 15.12.16 gouf de leschte Saz duerch deen heiten ersat: "Si le différend subsiste au-delà de ce délai, le directeur décide." D.h. also, datt d'Meenung vun de Schüler, Elteren an Enseignanten vollkommen irrelevant ass, well egal wéi decidéiert den Direkter. Domat verkënnt de Conseil d'éducation zur Farce. Mir verlaangen, datt dee Saz erëm duerch deen aus dem Gesetz vum 25.06.04 ersat gëtt.

Spuermoossnamen aus dem sougenannten Zukunftspak

Hei handelt et sech ëm eng weider Diskriminatioun vum Enseignant a mir fuerderen, datt all Spuermoossnamen, ënner anerem d'Reduktioun vun de Koeffizienter an d'Indemnitéiten fir Aarbechten op Deklaratioun, opgehuewe ginn.

Compte épargne temps (CET)

An eiser leschter Reunioun zu deem Thema, den 13.5.19, hate mir gefuerdert, datt wann en CET ugefrot a refuséiert gëtt, de Refus misst genau begrënnt an d'Zuel vun de sequenzielle Refuse limitéiert ginn. De Fait, datt dat net am Gesetz steet, verhënnert jo net, dat z.B. iwwert eng Instruction ministérielle z'implementéieren. Schliisslech steet de Preavis och net am Gesetz.

Wann een sech CET-Stonnen ausbezuele léisst, gëtt engem seng Punktzuel vun deem Zäitpunkt geholl, wou se ausbezuelt ginn. Déi Stonnen ginn awer als Iwwerstonnen ausbezuelt, also nëmmen zu 36/52. Dat ass an eisen An net konsistent, well wann een se iwwert d'Tâche eran hëlt, gëtt dee "Coefficient réducteur" jo net ugewannt.

Eng weider Fro, déi sech stellt, ass déi, wéi vill CET-Stonnen ee brauch, fir ee Schouljoer fräi ze kréien oder fir eng Tâche partielle? D'Décharges d'ancienneté dierfen do net ignoréiert ginn, soss misst een och mat 55 nach 22 Stonnen vum CET huelen fir ee Joer fräi ze kréien, obschonns engem seng Tâche jo do nëmmen 18 Stonnen wieren. Mir fuerderen eng Proratiséierung wéi bei der Tâche, d.h. ab 55 brauch een 18 Stonnen um CET fir sech e Joer fräi ze huelen.

Tâche vu Chargé(e)s d'enseignement am ESEB

Duerch ee vun eise Membere, dee selwer am Fall ass, si mir gewuer ginn, datt verschidde Chargé(e)s d'enseignement am ESEB zu de Konditiounen vum psychosoziale Personal aus de Kompetenzzentre schaffe sollen, an dëst obwuel si enseignéieren. D'Gesetz gesäit fir Chargé(e)s d'enseignement nëmmen folgend dräi Méiglechkeete fir: 1. Enseignement, 2. administrativ Aarbecht oder 3. eng Mëschung vu béiden. Vu que datt dës Chargé(e)n awer Cours mat ënnerschiddleche Schülergruppen halen, ass et an eisen An komplett illegal si ënnert den Aarbechtskonditiounen vum administrative Personal schaffen ze loossen.

An der Erwaardung vun enger positiver Äntwert verbleiwe mir mat Respekt.



Gilles Everling
President APESS



Jules Barthel
Vizepresident SEW/OGBL